d’Zeitung vum Naturmusée fir jonk Leit

# DE PANEWIPPCHEN

6-12 Joer

D’Kaweechelchen

Är Schoul vun der Zukunft

Dréchemaueren



N° 152 4/2025
4x pro Joer

An Zesummenaarbecht mat der Naturverwaltung

NATUR MUSÉE

# Neies

## Eng Crèche fir Baby-Ichtyosaurier



Wousst du, datt Nidderkäerjeng virun 183 Millioune Joer ganz anescht ausgesinn huet, wéi haut? Deemools war dës Regioun nämlech eng **Küsteregioun** - et gouf do also Mier a Festland. Perfekt! - duechte sech d'Ichtyosaurier-Elteren, déi op der Sich no enger **„Fuddercrèche"** fir hir Kanner waren.

Firwat perfekt, frees du dech? Ma well, genee wéi bei de Mënschen, déi Kleng aner Saachen iesse wéi déi Grouss.



An an der Géigend vum Festland schwëmmt anert „Fudder" ronderëm, wéi um oppene Mier. Déi (Tënte-)Fësch, déi beim Festland „wunnen", sinn dat perfekt Iesse fir d'Baby-Ichtyosaurier.

An dofir war Nidderkäerjeng eng super Plaz fir eis **Ichtyosaurier-Familljen** - d'Elteren haten hiert Iessen um oppene Mier, an hir Kleng direkt donieft an der Géigend vum Festland. Gudden Appetit!

### Den Niphargus luxemburgensis - oder och:

## Eis Botzekipp am Waasser

Fuerscher aus dem Musée hunn eng spannend Entdeckung an eisem Grondwaasser gemaach: nämlech **sechs nei Floukriibsaarten** (Niphargus)! A well Fuerscher a Fuerscherinnen, wa si eppes Neies entdecken, selwer den Numm bestëmme kënnen, hu si een dovun ***„Niphargus luxemburgensis"*** genannt. Firwat och net?

Dës superkleng Liewewiese wunnen am Grondwaasser. Si hu keng Aen, dofir awer verlängert Antennen a Been, mat deene si sech orientéieren. A si si keng kriddeleg Iesser! Si iessen alles, wat si am Waasser fannen: Bakterien, butzeg kleng Kriibsen, an alles, wat soss nach am Waasser schwëmmt. Duerch hire groussen Appetit an hir Beweegungen hale si d'Waasser propper.

Wa si am Waasser sinn, wësse mir also: D'Botzekipp ass do!







TEXT: SELMA WEBER

# En neit Gesiicht!

## Den Naturmusée gesäit elo anescht aus…

Du hues et vläicht schonn um Cover vum Panewippche gesinn: den Naturmusée huet en neie Logo… an och iwwerhaapt **e ganz neie „Look“!**





Och **de Logo vum Panewippchen, vum Science Club a vum Panda Club** gouf moderniséiert. An? Wéi gefält et dir?

Kuck dir den Artikel op der Säit 22 u fir méi gewuer ze ginn.




**Léisung vun de Rätsele vun der Säit 20:**





# PW

**4/2025**
**N° 152**

**SÄIT 1**
DE PANEWIPPCHEN 4/2025
**SÄIT 2**
Neiegkeeten aus dem Naturmusée
**SÄIT 4**
DRÉCHEMAUEREN
mat der Naturverwaltung
**SÄIT 10**
KNIWWELEN
Äiskal Deko
**SÄIT 12**
FIR KLENG LIESRATEN
D'Kaweechelchen
**SÄIT 14**
AM SCIENCE CLUB
Take Off
**SÄIT 15**
SCIENCE INFLUENCER
mam Philipp Jeitz
**SÄIT 18**
CHALLENGE
D'Schoul vun der Zukunft
**SÄIT 20**
RÄTSELEN
Fann d'Wierder an
ziel Schnéiflacken
**SÄIT 21**
FIR MATZESANGEN
De Késeker am Bliederkoup
**SÄIT 22**
BERUFFER AM NATURMUSÉE
mam Cindy Dos Santos
**SÄIT 28**
DEN DOMMENDÉCK
**SÄIT 30**
KNIWWELEN
Salzdeeg Figuren
Impressum
**SÄIT 32**
Naturmusée

NATUR MUSÉE

# DRÉCHEMAUEREN



## Wat brauchs du fir eng Dréchemauer ze bauen?

- Natierlech **Steng**! Déi kriss du an engem Steebroch bei dir an der Géigend oder du pass op, wou en Haus gebaut gëtt a Steng aus dem Buedem geholl ginn. Oder et gëtt en aalt stengent Haus ofgerappt an du kanns aus deene Steng eng Mauer bauen. Mee virdrun déi Persoun froen, där d'Steng gehéieren!



- An du brauchs **Loft**! Well tëschent de Steng ass kee Bëton oder Speis, mee nëmme Loft. A wann ee schwéier Steng hieft, brauch een och e laangen Otem.

- Du brauchs **Wëssen**! Eng Dréchemauer gëtt no ganz bestëmmte Reegele gebaut, fir datt si gutt hält a Joerhonnerten al gëtt. Soss wier et nëmmen e Koup Steng. Déi Leit déi Dréchemauere bauen, mussen also dat Handwierk fir d'éischt léieren a vill Erfarung sammelen, ier si super gutt Mauere kënne bauen. Mee mat enger gudder Uleedung oder engem gudde Cours kritt jiddereen dat hin!




## Firwat brauch een iwwerhaapt Dréchemaueren?

- Duerch d'Ritzen an d'Splécke ka **Waasser duerchlafen**. Bei enger Bëtonsmauer oder verfoute Mauer staut sech d'Waasser hannendrun a bei vill Ree kippt d'Mauer iergendwann ëm.

- Doduerch, datt d'Dréchemaueren d'Waasser duerchloossen, kënne si **Häng extreem gutt unhalen**, dat heescht, datt bei ganz vill Reen de Buedem net den Hang erofrutscht.



- An engem géien Hang krut een duerch de Bau vu Mauere **flaach Beräicher - Terrassen** - wou ee méi einfach konnt Saachen uplanze wéi Wäin, Geméis a Kären.











- Sou si ganz Landschafte mat Dréchemauere geformt ginn. Do hu ganz vill Leit ganz vill Stonne geschafft an deels sinn d'Mauere Joerhonnerten al!
- A wann d'Mauere bei enger neier Opdeelung tëschent de Besëtzer a Besëtzerinnen ofgerappt gi sinn, ass et fir spezialiséiert Planzen an Déieren zimmlech moer ginn. Och fir d'Mënschen ass sou eng Landschaft vill méi langweileg. An enger Dréchemauerlandschaft wéi um Bild gëtt et sou vill ze entdecken! Iwwerall Maueren, Trapen, Wénkelen an Nischen, wou een déi spannendst Saache fënnt!





**Eng Dréchemauer ass och gutt géint de Klimawandel!**

Et ginn ëmmer Steng benotzt, déi een op der Plaz fënnt oder déi aus engem Steebroch aus der Géigend kommen. Sou muss d'Material net esou wäit transportéiert ginn an et brauch ee vill manner Energie a Waasser, wéi z. B. an der Bëtonsproduktioun. Et seet een, datt ee manner gro Energie verbraucht.

**De Wiichtel Wumm - e Mëllerdaller Dréchemauerbauer** - erkläert a sengem Buch ganz gutt, wéi een eng Dréchemauer baut a ween alles doranner wunnt.

**D'Buch vum Wiichtel Wumm kritt een hei:**
Camping Park Beaufort
Haus vun der Natur/Kockelscheuer
Metzlerei Hoffmann / Larochette & Medernach
Kulturhaff Millermoler/Hinkel
Ab 10 Exemplairen kann een se och siche kommen: Natur- & Geopark Mëllerdall
8, rue de l'Auberge | L-6315 Beaufort



**Dëst flott Buch kanns du awer och gewannen:**
Fann d'Léisungswuert op der Säit 8 a schéck eis et eran. Vläicht kanns du geschwënn d'Geschicht vum Mëllerdaller Dréchemauerbauer liesen.

TEXT: JULIANA REICHERT







Als Handwierksgeschier brauchs du am Fong nëmmen en **Hummer an e Meessel**. Mee fir e gréissere Chantier ginn e klenge Bagger an eng elektresch Schubbkar benotzt fir d'Aarbecht méi einfach ze maachen. An e **Schutzbrëll** fir d'Aen ass wichteg, well kleng Spläiteren duerch d'Loft kënne fléien, wann een op d'Steng klappt.





Mat der Dréchemauertechnik kann ee fantastesch Saache bauen an dat nëmme mat Steng! Deelweis sinn dat richteg Konschtwierker.











**A wousst du, datt et Dréchemauere ginn, déi um Buedem leien?** Dat ass eng Zort Pavé a si heesche "Caladen". Well Loft tëschent de Steng ass, kann d'Waasser duerchlafen. De Buedem ass also net "versigelt" wéi bei Makadamm oder Bëton. Wann et ganz vill reent ass dat wichteg, well et doduerch manner Héichwaasser gëtt.
Fir d'Calade gi regional Steng geholl, vun deenen all Steen eng aner Form huet.







D'Pavésteng kommen hautdesdaags aus Steebréch a Länner, déi wäit fort sinn. Do hunn d'Leit deelweis eng ganz schwéier Aarbecht, déi schlecht bezuelt gëtt. Oft mussen och Kanner schaffen a si kënnen net an d'Schoul goen.



Alles wat ee mat der Dréchemauertechnik zaubere kann, gesäis du am "Dréchemauer Showroom" beim Naturschutzzenter Biodiversum zu Remerschen. Hei ginn et vill spannend Saachen ze entdecken!

**Biodiversum**
**5, Breicherwee**
**5441 Rëmerschen**






Ganz vill Déiere fannen Dréchemauere cool. Si kënne sech hei verstoppen a wunnen. Si kënne sech an der Sonn wiermen oder an der Mauer bannendran iwwerwanteren, well et do net fréiert.
Vill spezialiséiert Planze kënnen an de Ritzen a Splécke wuessen.
Et kann een och extra Verstoppméiglechkeete fir d'Déieren an d'Mauer abauen.



**Wousst du schonn, datt een op Dréchemaueren Dinosaurier fënnt?**



Mauereidechse sinn ëm zimmlech vill Ecker Famill mat den Dinosaurier - si sinn also quasi Mini-Saurier! Wier dat keng Iddi, fir eng kleng Expeditioun op eng Plaz, wou Dréchemaueren stinn? Oder du baus dir an dengem Gaart eng kleng Mauer fir déi kleng Dinoen!

Site "Pierre sèche" op Ëmwelt.lu

# DRÉCHEMAUEREN

## WËLLS DU D'BUCH VUM WICHTEL WUMM GEWANNEN?

Da léis dëst Rätsel a mail eis däi Léisungswuert bis viru Joresenn un: panewippchen@mnhn.lu







| | | | | | | | | | | | | | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| 1 | 2 | 3 | 4 | 5 | 6 | 7 | 8 | 9 | 10 | 11 | 12 | 13 | U 14 | 15 | 16 | 17 | 18 |

Verbann d'Déieren an d'Planze mat hiren Nimm a schreif déi rout Buschtawen an déi richteg Këschten ënnen op der Säit.




Schleeken

Fräschen

Seejomessen

Mouken

Spannen

Moosen

Mauerpeffer

Mais

Schlingnatter

Zonkebutz

Molchen

Eidechsen

Wëll Beien

Fetthenne

Fliedermais

Sedum

Kiewerleken

Flechten



# KNIWWEL

## Äiskal Deko






**1** Sammel Saachen déi s du schéi fënns. Z.B.: Schuel vun enger Noss, Orangëschuel, Stärenanäis, Kanéilsstaang, Äscht vun enger Dänn...

**4** Lee eng Ficelle an d'Schossel.



**5** Stell deng Dekoratioun an d'Tru.



**6** Wann et ënner 0°C dobaussen ass, dann huel deng Dekoratioun eraus an hänk se op denger Terrass oder an dengem Gaart op.





2

Lee deng gesammelt Saachen an eng flaach Schossel oder en Deckel, déi ee kann afréieren.




3

Schëtt Waasser an deng Schossel.






# D'Kawee




hei lieft
d'Kaweechelchen




De Männchen an d'Weibche sinn
d'nämmlecht grouss.
Am Fréijoer setzt d'Mamm
2 bis 6 Jonker op d'Welt.





Am Ufank sinn déi Kleng
plakeg, blann an daf.



No 6 bis 8 Woche kënnt et
fir d'éischt aus dem Nascht.

Mat sengem laange buschege
Schwanz kann d'Kaweechelche
beim Klotere balancéieren ...



Eurasisches Eichhörnchen - écureuil roux - red squirrel - *Sciurus vulgaris*

# chelchen



Dat wibbelegt Kaweechelche
brauch Fudder voller Energie -
virun allem Som a wëll Friichten.



Et hält kee Wanterschlof.
Am Hierscht verstoppt et Reserven
am Buedem, an am Wanter
grueft et se rëm aus.



... a beim Sprange steieren.
Mam Schwanz deckt et sech
och zou, wann et schléift.





# Wat war lass am SCIENCE CLUB?

## De Science Club ass am TAKE OFF
SCIENCE CHALLENGE SHOW
## Féiwer!





**Kenns du d'Take Off Challenge Show?**

De Science Club huet en Challenge
fir déi nächst Staffel 2026 ausgeschafft.
12 Jonker vum Science Club hunn dësen Challenge
iwwer Hunneg dierfen ausprobéieren.
Et war spannend bis zum Schluss!
Si hunn de Pollen am Hunneg analyséiert.
An RTL huet alles gefilmt.
Mëtt Januar wäerts du eis op
der Televisioun gesinn. 😊







**Och du kanns bei eis matmaachen!**
**Kuck der eise Programm un!**

PANDA Club

Fir Kanner
vu 6-10 Joer.

SCIENCE CLUB

Fir Jonker
vun 11-18 Joer.

# scienceInfluencer

## Hues du e Virbild?

E Mënsch deen s du bewonners, deen dech begeeschtert, deen der eng Welt opméicht an dech op dengem Wee begleet?

Dat hu mir de Philippe Jeitz gefrot, deen ëmmer bereet ass eng Grupp mat vill Verstand a Witz duerch de Musée ze féieren, egal ob Spillschoul, Lycéesklass oder Senioren. Nach méi oft steet hien allerdéngs als Biosproff virun de Schüler a Schülerinnen, an dat scho säit 19 Joer.






De Philippe huet net direkt e Virbild, mee et sinn éischter verschidde Persounen, awer och Erliefnisser, déi hie beaflosst hunn.



Ee Personnage, deen hien immens faszinéiert, an dat schonns säit dem Lycée, ass den

**Alexander von Humboldt.**

Dat war en däitsche Wëssenschaftler, dee viru ronn 200 Joer ronderëm d'Welt gereest ass a vill Neies entdeckt huet.




Den Alexander von Humboldt mam Aimé Bonpland a Südamerika



Den Alexander von Humboldt mam Aimé Bonpland am Amazonas

Als Begrënner vun der moderner **Geografie** huet hien och vill bäigedroen zu der:





**Geologie** - Steng
**Botanik** - Planzen
**Zoologie** - Déieren
**Ozeanografie** - Mier
**Ethnologie** - Mënschen an hir Kulturen
**Demografie** - Entwécklung vun der Bevëlkerung
**Klimatologie** - Atmosphär a Wieder
**Astronomie** - Weltall a Stären
mee och zu der **Physik** an zu der **Chimie** - déi sinn iwwerall!





Den Humboldtpinguin gouf nom Alexander von Humboldt benannt, well hien en als Éischten entdeckt hat wärend senger Rees a Südamerika.



**„Natur muss gefühlt werden.“**
- sot den Alexander von Humboldt. Et kann ee villes moossen, opzeechnen, sammelen a katalogiséieren an dat ass och wichteg, mee domat eleng versteet een net onbedéngt d’Natur als Ganzt.



de Phippe 1998 mat senger Klass op Vlieland

Fir de Philippe perséinlech ass awer och een **„Influencer-Moment”** immens hänke bliwwen, an zwar en Ekologiestage vun enger Woch wärend der Lycéeszäit.

D’ganz Klass war mat hire Proffen op Vlieland, eng hollännesch Insel an der Nordsee. Do hu si sech ganz verschidde Liewensraim - Ekosystemer mat hiren Déieren a Planzen ugekuckt a versicht ze verstoen, wéi déi all zesummenhänken.

Et ass een dobaussen ënnerwee, de Wand bléist ëm d'Oueren an d'Stiwwele verschwannen am Bulli vum Wattemier op der Sich nom Wuerm oder Schleek. Et „fillt" een d'Natur, grad wéi den Alexander von Humboldt an den héije Bierger vu Südamerika.

de Philippe 2007 als Enseignant op Vlieland an den Dünen



Dëst Erliefnis vun der Natur an d'Verstoe vun den Zesummenhäng probéieren mer och mat eisen Ausstellungen am Naturmusée weiderzeginn.

Wéinst dësen Erfarungen huet de Philippe dunn och Biologie mat Schwéierpunkt Evolutiounsbiologie an Ekologie studéiert.



2007 op Vlieland am Watt

**Deen, deen anere Leit, egal ob jonk oder manner jonk, Saache weisen an erkläre kann, hëlleft hinne kompliziéiert Zesummenhäng aus eiser Ëmwelt ze verstoen an esou eis Natur ze schützen. Och do gëtt et e berüümte Sproch: „Was man versteht, schützt man."**



Dofir fiert de Philippe haut als Proff all Joer mat Schüler a Schülerinne fir eng Woch op en Ekolgiestage op d'Nordseeinsel Norderney. Vläicht spréngt dee Fonke jo och op deen een oder anere Jonken iwwer?



Hei fënns de Fotoen an Informatiounen iwwer dës Stagë mam Ettelbrécker Lycée Technique: https://www.ltett.lu/norderney/

# D'SCHOUL VUN DER

Am leschte Panewippchen hu mir zu engem Challenge opgeruff, bei dem eis Lieserinnen a Lieser hir eege

## SCHOUL VUN DER ZUKUNFT

erschafe konnten.

Mir soen all de Participanten e ganz grousse Merci fir d'Matmaachen. Merci och un d'Klass vun der Madame Myriam Rohner vu Luerenzweiler. Mir si begeeschtert vun äre super Iddien an äre wonnerschéine Kreatiounen.

Den Arno mat sengem flotte Kloterparcours fir an de Klassesall.






## D'GEWËNNER VUN ENGEM FLOTTE PRÄIS SINN:

D'Nella matt senger lieweger Bamhausschoul.






# ZUKUNFT - DEN CHALLENGE







D'Zuria, de Léonard an de Brandon mat hirer originell dékoréierter Schoul, déi ganz vill Verschiddenes ze bidden huet: eng Sandkëscht, eng Baach fir am Summer d'Féiss dran ze zappen, eng Spillplaz, Picknicksdëscher, eng Blummewiss a villes méi!

oul wëll
goen!



TEXT: JOËLLE SCHMIT

# RÄTSEL




**Fann dës Wierder:**
ÄIS - FLACK - HUES - IGLU - KAL - KAWEECHELCHEN - KLATZ - MAUS - MUTZ - NOSS - PANEWIPPCHEN - PINGUIN - RÉI - SCHAL - SCHLITT - SCHNÉI - STÄR - ~~TÉI~~

**Wéivill verschidde Schnéiflacke gesäis du hei?**
**Wéivill sinn der duebel?**



*D'Léisung fënns du op der Säit 2.*

# De Kéiseker am Bliederkoup

D'Musek an eng gesonge Versioun vum Lidd fënns du op applaus.lu/pw




TEXT A MUSEK: ILENIA ZUCCOLI



# BERUFFER AUS D





Wéi heeschs du?

Ech sinn d'Cindy.






**Wat ass däi Liblingsiessen?**
Tteokbokki

**Hues du eng Liblingsfaarf?**
Indigo blo




**Wat ass däin Hobby?**
Am Leem schaffen.

# DEM NATURMUSÉE



Interview mam Cindy dos Santos Ferreira, Grafikdesignerin aus dem Naturmusée.







## Wat schaffs du am Naturmusée?

Ech si Grafikdesignerin.

Mir maachen alles wat mat Biller an Text ze dinn huet. Dat ass zum Beispill d'Gestalte vun Ausstellungen, Broschüren oder och Plakater.



## Wat war bis elo däi spannensten a flottste Projet?

Eng nei **visuell Identitéit** fir den Naturmusée maachen.




## Wat ass eng visuell Identitéit?

Dat ass d'Erscheinungsbild vum Musée. Zum Beispill de Logo vum Musée, d'Faarwen déi mir an dëser Zeitung benotzen, wéi eng Schrëft um Plakat ass an nach ganz vill méi.










## Wéi fänkt een esou ee grousse Projet un?

Mir hunn dat an enger Ekipp ausgeschafft. Zu där ziele Wëssenschaftler a Wëssenschaftlerinnen, Leit déi mat de Klasse schaffen, Grafiker a Grafikerinnen an aner Leit aus dem Musée.

Fir unzefänken hu mir eis iwwerluecht wat den Naturmusée bis elo ganz gutt gemaach huet. Dono hu mir mol opgeschriwwe wat mir am Naturmusée gären an Zukunft besser maachen. A wéi den neie Logo dat kéint duerstellen.

Dann hu mir ugefaangen en neie Logo ze entwerfen, d'Schrëfte festzeleeën a wéi eng Faarwe mir wëlle benotzen. D'Zil ass, datt alles, wat mir am Naturmusée maachen, vum Toun a vum Ausgesinn, dann och beienee passt.



## A wéi geet et da weider?


Dunn hu mir eis ëm een neien Internetsite gekëmmert, deen s du dir hei ukucke kanns: Mir kruten neie Bréifpabeier, nei T-Shirten, an och eis nei Plakater a Broschüre gesinn elo aneschters aus.




## Wou kommen all déi flott Iddien hier?

Als éischt hu mir eis mol aner Muséeën op der ganzer Welt ugekuckt. Alles wat super un eisem Naturmusée ass, wollte mir natierlech bäibehalen. An dunn hu mir probéiert eppes Neies ze maachen, eppes wat et nach net gëtt a wat eenzegaarteg ass.



## Wéi hutt dir den neie Logo entworf?

Mir hunn eis ganz vill verschidde Biller, Faarwen a Formen ugekuckt. Dunn hunn ech ugefaangen op der Hand ze zeechnen, mat engem Bläistëft op e Blat Pabeier. Dono geet et da weider um Computer.




## Gëtt et eng verstoppten Noriicht oder ee Geheimnis beim Logo?

Jo. Wéi dir bestëmmt wësst, ass eise Musée deen eenzegen hei an der Groussregioun, dee ganz vill Sammlunge vun Déieren, Planzen, Champignonen, Mineralien, asw. huet. Jiddereen deen am Musée schafft, beschäftegt sech och mat dëse Sammlungen. Dofir wollte mir onbedéngt d'Sammlungen am Logo duerstellen.



Déi eenzel Këschten am Logo stelle Këschten, Tiräng a Regaler duer, wou mir eis Sammlungen dra stockéieren.

NATUR MUSÉE

NATUR MUSÉE
MUSÉE NATIONAL
D'HISTOIRE NATURELLE
LUXEMBOURG



NATUR MUSÉE

## Wéi laang huet et gedauert bis den neie Logo färdeg war?

Vum éischten Treffe mat der Aarbechtsgrupp bis zum färdege Logo huet et mol net e Joer gedauert.



## Wat gefält dir am Beschten um neie Logo?

De Logo gesäit ee gutt an en ass opfälleg. Niewent anere Logoe fält den neie Logo vum Naturmusée engem direkt an d'Aen.



## Hunn de Panewippchen, de Panda News an de Science News och nei Logoe kritt?

Jo, kuck dir mol déi éischt Säit vun denger Zeitung un. Déi nei Logoe si vill méi verspillt a faarweg wéi de Logo vum Naturmusée, mee trotzdeem si se Famill mateneen.







PANDA club

SCIENCE CLUB

**Ännert dat eppes fir eis Lieser a Lieserinnen a Visiteuren am Musée?**

Jo, et hu sech e puer Saache geännert: nei Schrëften, nei Faarwen, nei Logoen. Och ganz vill aner Saache ginn no an no ugepasst: mir hunn zum Beispill op eis Enveloppe mam ale Logo eng Etikett gepecht mam neie Logo. Nei Broschüren a Plakater gesinn och aneschters aus. Eis war awer ganz wichteg, datt mir eis Saache mam ale Logo net ewechgeheien, dofir ginn dës benotzt bis mir keng méi hunn.
Un der permanenter Ausstellung vum Naturmusée ännert sech am Moment näischt.



**Wat war dann däin Dramberuff als Kand?**
Architektin.

**Wat hues du geléiert fir am Naturmusée ze schaffen?**
Ech hu Kommunikatiounsdesign studéiert an do hunn ech mech op Kommunikatioun am Raum spezialiséiert.





**Wat war däi Liblingsfach an der Schoul?**
Franséisch a Bastelen.




**Wann s du een Déier am Naturmusée kéins sinn, wéi eent wiers du dann?**

Da wier ech ee Stachelschwäin.



**Hues du nach eng Aufgab fir eis Lieser a Lieserinnen?**

Wann s du e Logo fir dech selwer kéins gestalten, wéi géif deen ausgesinn? Wéi en Déier a wéi eng Faarwe géifen dech am Beschten duerstellen?

# Dommendéck a



Den Dommendéck ass de klengste Vull an Europa. Hie weit just esou vill wéi e Blat Pabeier, also ongeféier 5 Gramm. Hien huet säin Numm net geklaut, well hien ass esou déck wéi en Domm.



Dommendéck, Wintergoldhähnchen, roitelet huppé, goldcrest, Regulus regulus

Och wann Dommendéck a Feierkäppchen net schei sinn, ass et schwéier si ze entdecken, well si turne meeschtens un de klengen Äscht ganz uewen an der Kroun vun de Beem. Do fanne si hiert Iessen: besonnesch Blatlais, Mécken, Larven an Eeër vun Insekten an och Spannen.



De gréng-bronge Vull ass un der wäisser Sträif am Flillek ze erkennen. Beim Männche kanns du um Kapp eng orange Sträif tëschent zwou schwaarze gesinn. D'Weibchen huet giel Fiederen um Kapp.





Den Dommendéck lieft bei ons meeschtens a Nolebëscher an och heiansdo a Parken. De Feierkäppche wunnt op de selwechte Plazen, mat enger Virléift fir Parken.


Well duerch de Klimawiessel Nolebëscher an onse Géigenden an Zukunft gréisstendeels verschwanne wäerten, ginn déi zwou Aarte bei ons och warscheinlech méi rar. Dofir sti si op der Rouder Lëscht an der Kategorie vun den Aarten déi nach net bedrot sinn, mä déi een iwwerwaache soll.

# Feierkäppchen



Feierkäppchen, Sommergoldhähnchen, Roitelet triple-bandeau, firecrest, *Regulus ignicapilla*

Hiert Nascht aus Moos a Flechte bauen Dommendéck an och Feierkäppchen op klengen Äscht vu besonneschen Nolebeem. D'Weibche leet 6 bis 10 Eeër. No ongeféier 2 Woche klammen d'Jippelcher aus den Eeër. Si ginn nach 3 Woche vun hiren Elteren am Nascht gefiddert. Déi Jonk hunn nach keng Sträifen um Kapp. Dommendéck a Feierkäppche kënnen zweemol am Joer bréien.



14mm

10mm






De Feierkäppchen, deen e bësse méi grouss ass, gläicht dem Dommendéck, mä hien huet nach eng wäiss Sträif iwwer den Aen.
Um Gesang loosse sech déi zwee Vullen och ënnerscheeden. Allerdéngs hu si eng ganz hell Stëmm, dofir brauch ee gutt Oueren, fir si ze héieren.







Den Dommendéck bleift dat ganzt Joer bei ons. Am Wanter ass hien heiansdo mat Meesen ënnerwee fir Fudder ze fannen. De Feierkäppchen iwwerwantert normalerweis a Südfrankräich. Hie kënnt Mëtt Mäerz erëm bei ons un a flitt Enn September an de Süden. A mëlle Wanteren ouni Schnéi kann hien awer och bei ons bleiwen.




Iwwregens huet d'Zeitung "Regulus" vun natur&ëmwelt hiren Numm vum Dommendéck kritt.



# KNIWWEL

## Salzdeeg - Figuren

Du brauchs:
220 g Miel
200 g Salz
150 ml Waasser
1 EL Ueleg
1 EL Stäerkt



1

Miel a Salz vermëschen.



3

De Salzdeeg ausrullen a Figuren ausstiechen oder mam Salzdeeg Figure formen.







5

Lee d'Figuren op e Bakpabeier a looss se zwee Deeg un der Loft dréchnen.












2

Waasser an Ueleg mat den Hänn ënnermëschen an zu engem glaten Deeg knieden.





4

Mat engem Zännstëppler e Lach uewen an deng Figure maachen.

6

Mol deng Figure faarweg an zéi eng Ficelle doduerch. Elo kanns du se ophänken.





TEXT: ANNE-MARIE BIS

## De Panewippchen

Naturnusée - 25, rue Münster -
L-2160 Lëtzebuerg - Tel.: 462233 450
**www.mnhn.public.lu**

## Impressum

**Redaktiounskommitee:**
A. Bis, S. Goerens, C. Greisen, M. Hagen, S. Hagen, G. Kersch, M. Kirsch, J. Meyer, P. Michaely, F. Theisen, S. Weber.

**Texter:**
A.-M. Bis, C. Greisen, A. Harras, C. Heidt, P. Jeitz, G. Kersch, J. Reichert, J. Schmit, S. Weber, I. Zuccoli.

**Grafik an Illustratioun:**
S. Goerens, S. Hagen.

**Fotoen:**
S1 shutterstock
S2&3 MNHNL
S4 *Dréchemauerbauerin:* ANF, Caroline Martin-beehive, *aner:* ANF, Caroline Martin
S5 *no remembrement:* Richard Lentz, *viru remembrement:* 1933-34 Richard Stiefelin im privat Archiv von Richard Lentz, *Wichtel Wumm:* NGPM Mim Moser
S6&7 *Kanneraarbecht:* picture alliance DPA Doreen Fiedler, *aner:* ANF, Caroline Martin
S8&9 *Dréchemauer:* ANF, Caroline Martin
S10&11 MNHNL
S12&13 *Bëbeeën:* Tejal modhavadiya, *Uebst an Nëss:* MNHNL, *aner:* shutterstock
S14 MNHNL
S15 *Foto uewen:* MNHNL, *aner:* public domain
S16 *Gruppefoto:* Philippe Jeitz, *Pinguin:* shutterstock, *aner:* public domain
S17 Philippe Jeitz
S22-27 *lessen:* Shutterstock, *aner:* MNHN
S28&29 *Weibchen um Aascht:* Francis C. Franklink, Fong, *Dommendéck an der Hand, Dommendéck frësst, :* shutterstock, *aner:* Adobe Stock
S30&31 MNHNL
S32 shutterstock

Poster:
S1 *Hannergrond:* shutterstock, *Hielendéiercher:* MNHNL
S2 *Hielesystem:* shutterstock, *Hielendéiercher:* MNHNL


## Ënnerstëtzung

Ministère de la Culture -
Musée national d'histoire naturelle -
Administration de la Nature et des Forêts -
Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable -

## Abonnementer & Info

**panewippchen@mnhn.lu**
**Tel.: 462233 450**

Als Member vum Panda Club kriss du d'Zeitung „De Panewippchen" 4 mol am Joer geschéckt.
Fir Erwuessener, déi „De Panewippchen" fir e Grupp vu Kanner wëllen abonnéieren, si 6 Exemplare vun all Nummer gratis, vum 7. Exemplar u froe mir en Onkäschtebäitrag vun 1 Euro pro Ausgab a pro Exemplar.




## 19/DEC/25 — 23/AUG/26

NATUR MUSÉE
MUSÉE NATIONAL
D'HISTOIRE NATURELLE
LUXEMBOURG

PERIODIQUE
Envois non distribuables à retourner à:
L-3290 BETTEMBOURG
POST LUXEMBOURG
PORT PAYÉ
PS/789

**Naturmusée**
25, rue Münster
L-2160 Luxembourg
mnhn.lu

MA 10:00 – 20:00
ME-DI 10:00 – 18:00